



## PEDIBUS

Kanner, déi gi gären ze Fouss  
Kanner, mache net wéi di Grouss  
Kanner, passen op op d'Natur  
fir datt déi eis net geet verluer

Kanner, weisen iech wéi et geet  
Kanner, déi hunn dobäi vill Freed  
Kanner, brauchen awer déi Grouss  
well eleng gi si net ze Fouss

Refrain:

Mir ginn ze Fouss an d' Schoul  
mam Pe di bus  
Mir ginn ze Fouss an d' Schoul  
mam Pe di bu us

Mir ginn ze Fouss durch all Gaass  
an dat mécht mega Spaass  
a wann et reent gi mir eben naa as

Merci, datt dir eis ënnerstëtzt  
Merci, an net am Auto sëtzt  
Merci, un all déi léiw Leit  
well esou gëtt eis Natur befreit

Ried vun deene Groussen aus dem Sakaro : 1.12.11

Här Minister ,

"Op Kannerféiss duerch d' Welt", an dofir sidd Dir haut hei.

Merci,datt lech däerfen empfänken.

Mir, dat sinn d' Kanner vum Sandweiler a Kannerrot, 'lo am Numm vu de Sandweiler Schoulkanner awer och am Numm vu vüle Kanner aus dem ganze Land.

Mir wëllen lech just d'Resultat vun eppes ganz Positivem iwwereeche,wat mir genee wéi vill aner Kanner an Europa ënnerholl hunn.

Aplaz ze soen: "Et misst een mol..." oder "D'Leit sollen dach..." si mir selwer aktiv ginn an hu bei der Aktion : Op Kannerféiss duerch d'Welt -Vill gréng Meile fänken an dobäi un d'Emwelt denken " matgemaach.

Mir si während enger Woch am Oktober sou oft wi méiglech zu Fouss mam Pedibus, mam Velo, mam Kickboard, ganz Klenger souguer mam Dräirad an d'Schoul komm a kruten duerfir kleng gréng Stickeren, "gréng Meilen"eben.

Déi hu mir opgepecht an hanneno zesummegezielt

Abee, dat wat mir do gemaach hunn ,dat war scho mol e puer där klenger Schrëtt an dé richteg Richtung , wéi mir mengen ,a mir huelen eis vir ,datt nach vill anerer nokommen .


Mir wollten domadder deenen Erwuessen mam gudden Beispill virgoen an hinne weisen , datt mir eise Bäitrag zum Klimaschutz wëlle leeschten an dass et niewebäi och nach Spaass mécht a gudd ass fir d'Gesondheet.

Et si jo grad di kleng Weeër, wou d'Autoën dee meeschte Benzinn verbrauchen an dee meechte Knascht maachen.

Hoffentlech laucheren déi Grouss och mol eng Kéier op dei Kleng! Lauchtert Dir och w.e.g ganz gutt:

Zu Lëtzebuerg hunn an Gemengen ongeféier Kanner matgemaach,





an si hunn am ganzen Gréng Meile gesammelt!!!  
Dovunner si mir der Hei zu Sandweiler gaangen . Souguer eis  
grouss sinn am Kader vun dësem Projet een Owend zesummen 410 km  
matt Faakelen duerch Bësch gewandert.

Här Minister, mir sinn houfreg, lech lo dës Meilen symbolësch ze  
iwwerreechen.

Mir bieden lech, huetl se matt an e puer Deeg op , wou den  
dëi Klimakonferenz vun der Uno ufänkt.

Soot deenen anere Politiker, wéi vill eis eng gesond Ëmwelt um Häerz läit,  
wéi wichteg et ass ze handelen an déi richteg Décisiounen ze huelen.

Mir wënschen lech dobäi vill Erfolleg an eng gudd Rees !